
Gemeng
Konsdref

# De Gemengebuet

Mäerz
N°1
2025




Neijoerschpatt am Centre Culturel Kuerzwénkel S.30

Kraiderhochbeet S.38

Visitt am Naturmusée S.47

Gemengebuet 02/2025
Annahmeschluss 25. Abrëll 2025
Publikatioun Juli 2025

**Gemeng Konsdref**
8, route d'Echternach
L-6212 Consdorf
Telefon : 79 00 37
Fax : 79 04 31
E-Mail : commune@consdorf.lu
www.consdorf.lu

**Editeur**
Schäfferot vun der Gemeng Konsdref

Gemeng
Konsdref

**Redaktioun:**
Personal vun der Gemeng
Léierpersonal aus der Konsdrefer Schoul

D'Gemengeverwaltung iwwerhëlt
keng Verantwortung iwwer den Inhalt
vu Publikatioune vun Drëtten am
Gemengebuet.

**Layout:**
brain&more - agence en communication
www.brain.lu

**Foto Titelsäit:**
Adobe Stock

Imprimerie de l'Est
Gedréckt op recycléierte Pabeier
Circle Offset



30

Neijoerschpatt am Centre Culturel Kuerzwénkel



20

ANF – Kompensatiounsprojet am Marscherwald

# Sommaire


- Aner Informatiounen 5
- Wat war lass an der Gemeng? 6
- Geschichten an historesches aus der Gemeng 36
- Natur- a Geopark Mëllerdall 38
- Neies vum Service technique 40
- Wat war lass an der Schoul? 44
- Séances publiques 50
- Telefonsléscht 63




47

Visitt am Naturmusée


# ATTENTION AU PHISHING PAR SMS, COURRIEL OU TÉLÉPHONE !

1




**L'escroc se fait passer pour un tiers de confiance** (entité étatique, banque...) et vous envoie un lien par SMS ou email. Il peut même téléphoner avec un **faux numéro luxembourgeois.**

2




**Le message** reçu est **alarmant** (p.ex. prélèvements bancaires illicites) **ou attrayant** (remboursement d'impôts, paiement de primes...) et vous incite à **cliquer sur un lien.**

3




Ce lien mène vers un **site web frauduleux,** avec pour finalité de **récupérer vos données personnelles.**

**Conseils préventifs :**

- **Ne partagez jamais des données personnelles avec des inconnus,** ou qui vous sont demandées par courriel, téléphone, SMS ou d'autres services de messagerie.
- **Ne cliquez jamais sur un lien** qui vous a été envoyé d'une **source inconnue.**
- Méfiez-vous de messages ou appels qui vous poussent à réagir vite. **Ne vous laissez jamais mettre sous pression** pour effectuer un paiement ou transmettre vos données, et prenez toujours le temps de remettre en question de telles sollicitations.
- **Contrôlez toujours si le message s'adresse à vous personnellement**, respectivement, s'il contient des **fautes** ou des **traductions erronées**.
- Sachez que des organisations et entreprises sérieuses ne vous demandent jamais d'envoyer des données personnelles via courriel ou SMS.

**Si la provenance d'un message ou d'un appel n'est pas claire, et/ou en cas de doute, prenez d'abord contact avec l'entité concernée par le biais des moyens de communication habituels pour vérifier s'il s'agit d'une arnaque ou pas.**


**Si vous avez été victime d'une escroquerie, contactez l'un de nos commissariats de police pour porter plainte.**

# Certificats de publication

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public :

L'approbation par arrêté grand-ducal du 25 octobre 2024, réf. : FC03-2024-A094, des délibérations du 17 septembre 2024 du conseil communal portant fixation des taux multiplicateurs à appliquer pour l'année d'imposition 2025 en matière d'impôt foncier et en matière d'impôt commercial communal.



# Amicale Zitha



D'Amicale Zitha hunn um Chrëschtconcert vum Bewunnerchouer Zitha Consdorf um „Kuerzwénkel" de Service gemaach.





Den 10. Dezember hat d'Amicale Zitha hir Adventsfënster, wou si Glühgin, Punsch, Kuch a Kichelcher offréiert hunn.





D'Amicale Zitha konnt vun der Adventsfënsteren Aktioun, organiséiert vun der Oeuvre St. Barthélemy Consdorf, déi stolz Zomm vun 2.250 € entgéint huelen a soe villmools Merci fir e generéise Geste. ➜

*Text a Fotoen: Malou Poos-Steichen*

# Œuvres St Barthélemy Consdorf asbl







**Scheckiwwerreechungen**

**13.11.2024**
An enger gemittlecher Feierstonn am Festsall um Scheedgen hunn d'Konsdrëffer Massendénger, d'Klibberkanner vu Konsdref, Präitler a Kolwent zesumme mat den Oeuvres St Barthélemy Consdorf zwéi Schecken un d'Haus Omega, vertrueden duerch hire President Fabian Weiser, iwwerreecht.

Nieft enger Rei Membere vun deene verschiddenen Organisatioune war d'Gemeng vertrueden duerch di zwéi Schäffe Michel Majerus a Bob Ries.

**05.01.2025**
D'Spendekëscht, déi bäi der Aktioun Adventsfënstere mat vu Fënster zu Fënster gereest ass, gouf vu mëtschgiewege Spender nawell gutt gefëllt. Um kierchlech gefeierten Dräikinneksdag ware vill „Fënsterdekorateuren*innen" an der Präitler Kierch zesummekomm, fir den Erléis vun där Aktioun un d'Amicale Zitha Consdorf asbl ze iwwerreechen. Hir Präsidentin Joëlle Wallenborn huet sech erfreet gewisen iwwer dëse Geste un di rezent gegrënnten Organisatioun.
De Buergermeeschter Marco Bermes huet an enger kuerzer Usprooch d'Wichtegkeet vun de béiden implizéierten Organisatioune fir de sozialen Zesummenhalt ervirgestrach.

Als lescht Riednerin huet d'Parassistentin Josiane Mirkes der Organisatrice Tanja Konsbrück fir di wonnerbar Initiativ felicitéiert an hir eng Blimmche fir hire kierzlech gefeierte ronne Gebuertsdag iwwerreecht.

**Kanner- a Familljenhëllef**
Am vergaangene Jar 2024 huet d'OSBC sech nees an den Déngscht vun der Kanner- a Familljenhëllef asbl gestallt an huet sech un der Sammlung vu Schoulsäck a Liewensmëttelpäck bedeelegt. Mir son alle Leit aus der Par Regioun Iechternach St Willibrord, déi hiren Obolus do bäigedron hunn, en häerzleche Merci.

Wat fir eng wäertvoll Aarbecht déi Organisatioun leescht beleet schonn d'Wanteraktioun 2024: nieft Spillsaachen, Kleeder, Vëloen, Babybettercher, Kutschen, waarmen Decken a villem méi goufen 3002 Liewensmëttelpäck a Rumänien an an d'Ukrain geliwwert.

*Text a Fotoen: Œuvres St Barthélemy Consdorf asbl*

# Bärbelsfeier vun de Pompjeeën

De Samschdeg, den 23. November 2024 hunn d'Konsdrefer Pompjeeën hir traditionell Bärbelsfeier op der Konsdrefer Mille gefeiert. Dëst Fest ass zu Éier vun der helleger Barbara, der Schutzpatréinerin vun de Pompjeeën. Nieft deene grousse Pompjeeë waren natierlech och sëlleg Jugendpompjeeë vertrueden. Esouguer de Kleesche mat sengem Gesell hu sech bléck gelooss. Nodeems hien aus sengem décke Buch gelies hat, hunn d'Kanner Titercher krut. Déi eng oder aner Rutt gouf et dann awer vum Houseker. Fir Iessen an Drénken haten d'Martina an de Pol beschtens gesuergt.

Dës Feier ass ee wichtege Bestanddeel vun der Pomjeeëstraditioun an ënnersträicht déi enk Gemeinschaft an den Zesummenhalt innerhalb vun de Pompjeeën. Et ass awer och eng Geleeënheet, den Asaz an d'Geforen, deenen d'Pompjeeën sech all Dag aussetzen, ze honoréieren an ze feieren. Alles an allem eng ganz gelonge Feier!

















AN DER LOUPESCHT
CLUB AKTIV PLUS

# 2025
# Februar - Mee

DE CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT
AN DER GEMENG KONSDREF

## Digital

**Handy & Tablett Beroodung**
Rdv op Ufro

## Kultur a Kreativitéit

**Buch Club**
Dënschdes 25.02 / 25.03 / 22.04

**Rummikub zu Konsdref**
Dënschdes 18.02 / 18.03

**Kinonomëtteg - Cine Sura**
Méindes 03.03

**Kreativatelier Eko-Resin**
Donneschdes 06.03

**Kreativ-Atelier - Stringart**
Dënschdes 08.04

## Ausflich & Visitten

**Mëttegiessen am Club**
13.02 / 20.03

**Mëttegiessen Restaurant**
14.02 / 28.02 / 21.03 / 28.03

**Tour duerch d'Éislek**
Dënschdes 04.03

**Theater**
Dënschdes 25.03

**Dagesausfluch Geierlay**
Donneschdes 03.04

**Club Vakanz - Ostsee**
19.05 - 24.05.2025

Detailler an Treffpunkt op Ufro

## Sport a Beweegung

**Trëppeltour**
Méindes

**Klangschuelenmedidatioun**
Dënschdes

**Nordic Walking**
Mëttwochs

**Senioren Kraaft-Training**
Donneschdes

Detailler an Treffpunkt op Ufro

De ganze Programm an Ärer Bréifboîte, op help.lu oder op Ufro

Fir All Aktivitéit w.e.g iwwer Telefon oder Mail umëllen

Tél. : 2755 - 3395
E-Mail : club-loupescht@croix-rouge.lu

# Fan Club Roude Léiw

**Chrëschtfeier – 06.12.2024**

Mat engem gudden Iessen, schéiner Musek a flotter Tombola huet de Fan Club Roude Léiw a beschter Ambiance hir Chrëschtfeier am Hotel Bon Repos (neie Proprietär) ofgehalen. Merci dem Kleeschen an dem Housecker fir hire léiwe Besuch an e gudde Boxemännchen vun eisem Duerfbäcker huet op de 06. Dezember natierlech och net gefeelt.

*Text a Fotoen: Fan Club Roude Léiw*

















**Chrëschtmaart 1. Advent 2024**

Bei herrlechem Wanterwieder ass no laanger Zäit endlech nees e Chrëschtmaart an eiser Gemeng an Zesummenaarbecht mat ville Veräiner aus der Gemeng realiséiert ginn.

Mir vum Fan Club waren direkt bereet fir mat ze maachen an eise Reng Erléis fir e gudden Zweck, an eisem Fall fir Häerzkrank Kanner Lëtzebuerg ze spenden, a mir sinn houfreg, dass mir mam Erléis vun eisen zockerséisse Saachen um Chrëschtmaart, an och nach op eiser Chrëschtfeier, Donatioune vu verschiddene Memberen schlussendlech op eiser Generalversammlung e Scheck vun 2.000 € un ALAEC (Association Luxembourgeoise d'Aide aux Enfants Cardiaques a.s.b.l.) iwwerreeechen kennen.

*Text a Fotoen: Fan Club Roude Léiw*











**Rees op Dresden**

Vum 21.11 bis de 25.11.2024 war de Fan Club Roude Léiw op eng flott kulturell a musekalesch Rees op Dresden gefuer. Dat ganz mat engem wonnerschéine Gebuertsdag Concert vum Rudy Giovannini mam Dresdener Show Ballet an der „Neuen Welt" zu Zwickau. E wonnerschéine Programm war vum Kommitee zesumme gestallt ginn, Ugefaang mat enger geféierter Dresden Visite, Besuch vum 1. Adventsmaart zu Seiffen. Bekannt ass Seiffen weltwäit fir seng Holz Drechslerei, Schwipbögen, Pyramiden a Räuchermänner an als Ofschloss nach Besichtegung a Bestaune vun iwwert 5500 Liichtercher ronderëm Schloss Wackerbarth in Radebeul, wonnerschéin!

*Text a Fotoen: Fan Club Roude Léiw*











**Chrëschtconcert – 19.12.2024**

Op senger grousser Europatournée war de Rudy Giovannini och dëst Joer fir e flotte Chrëschtconcert bei eis am Dierfchen an huet säi Publikum vun éischter bis leschter Minutt an eng musikalesch Chrëscht- a Wanter Dramwelt entfouert. Mat Standing Ovatioun, vill Applaus fir de beléifte Südtirouler Kënschtler a vill Luef fir déi wonnerschéi geschmecktener Chrëscht Bün ass no gutt zwou an eng hallef Stonn e wonnerschéine Concert op en Enn gaangen. Merci Rudy, Merci Franca an allen Visiteuren vun eisem wonnschéine Chrëschtconcert. Mir wënschen iech e gutt, zefridden a gesond neit Joer.

*Text a Fotoen: Fan Club Roude Léiw*





# Chrëschtmaart 2024

„Wow ee Chrëschtmaart an der Gemeng", „Endlech nees ee Chrëschtmaart"– huet een am November méi wéi eemol am Gespréich mat Leit héieren. Vill Leit aus de Veräiner, Kommissiounen, Matarbechter aus dem Gemengenzerwiss an dem Syndicat hu fläisseg virbereet, iwwerluecht wéi ee wuer a wat opriichte kann a villes mat staarken Hänn opgeriicht. Veräinsmemberem hunn doheem an de Kichen Schneekereien, Kulinaresches an och Gebastels virbereet.

Den éischten Advent war et souwäit - no iwwer 25 Joer endlech nees ee Chrëschtmaart hei an der Gemeng an dat bei kalem Wanterwieder, schéiner festlecher Ambiance mat ville froue Gesichter aus eiser Gemeng an och wäit doriwwer eraus. Villes konnten Visiteuren scho bëssen a Chrëschtstëmmung mat, Nolauschteren, Genéissen a Bewonneren versetzen: festlech Beliichtungen, gesongen a gespillte Chrëschtlidder, Konschthandwierker mat Gebastels a vill wanterlecht Iessen a Gedrénks. Sonndes Nométtes koum de Kleeschen op Besuch, jidderee konnt Fotoe beim „Foto-Point" maachen an déi éischt Adventsfënster gouf owes opgemaach. Ee grousse Merci u jiddereen, deen zum Geléngen vun deem flotte Weekend bäigedroen huet.

Niewen dem ganzen Erléis vum Stand vun der Kulturkommissioun hunn d'Veräiner sech et och net huele gelooss, fir een Deel vun hirer Recette fir de gudden Zweck ze spenden – iwwer 3 000 € wäerten am Fréijoer un d'„Amicale Zitha Consdorf" iwwerreecht ginn.

Enger nächster Editioun vum „Chrëschtmaart" steet ganz sécher näischt am Wee.

*Text a Fotoen: Kulturkommissioun*















# Kiermes zu Präitler, Kolwent a Marscherwald

T'ass Kiermes am Duerf - Wéi all Jar war d'Chorale Präitler traditionell Ufank November on tour fir den Hämmelsmarsch fir d'Kiermes zu Präitler, Kolwent a Marscherwald ze sangen. D'Kiermesdrëpp huet natierlech och net gefeelt.

*Text a Foto: Chorale Präitler*



# Kanner- a Jugendchouer Konsdref

**1. Adventsconcert an der Seniorie St Joseph, Konsdref / Chrëschtmaart um Scheedgen**

Den 1. Advent gouf mat engem Adventconcert vun de Sänger*innen, ënnert der Leedung vum Anna Nikolay um Chrëschtmaart an der Zitha Consdorf agelaut. Mat bekannte Lidder a Melodien woussten si d'Bewunner mat hire Familljen a Frënn an enger gemittlecher Chrëschtambiance ze begeeschteren. De Kleesche hat de Wee och op Konsdref fonnt an huet nom Concert all Sänger*inn eng Titchen iwwerreecht. Villmools Merci fir dee léiwe Geste.

Duerno gong et weider fir d'Sänger*innen op de Chrëschtmaart um Scheedgen, wou de Kanner- a Jugendchouer mat engem Stand mat Gromperekichelcher vertrueden war.

*Text a Fotoen: Kanner- a Jugendchouer Konsdref*









**Chrëschtconcert**

Um 4. Adventssonndeg hunn d'Sänger*innen vum Kanner- a Jugendchouer Konsdref eis mat engem wonnerschéine Chrëschtconcert verwinnt. Mat der Ënnerstëtzung vun hirer Band, dem Romain Boden um Kontrabass an dem David Hoffmann um Drumset, an ënnert der Leedung vum Anna Nikolay hunn si hire Publikum begeeschtert.

Mat klasseschen a moderne Lidder huet een am rammelvolle Sall um Scheedgen eng ganz wonnerbar Chrëschtambiance erlieft. Ee ganz decke Merci, dass jidderee mat hinnen zesummen dee flotten Owend mat uschléissendem Glühwäin a Chrëschtgebäck konnt genéissen a geselleg ausklénge loossen.









**Musical Magics**

E ganz aussergewéinleche Spektakel gouf de Sänger*innen mat hirem Comité beim Musical Magics am Trifolion  zu Iechternach mat ville bekannte Musical Hits gebueden. Aussergewéinlech, well eis léif Dirigentin vum Chouer, Anna Nikolay, als Sängerin mat op der Bühn stoung. De Fanclub ‚Anna' war net ze iwwerhéieren am Trifolion. Virdru gouf sech nach gestäerkt mat enger gudder Pizza beim Daisy um Scheedgen. Et bleift eng onvergiesslech Erënnerung un dëse flotte Owend.

*Text a Fotoen: Kanner- a Jugendchouer Konsdref*





# Crazy Boots Konsdref



D'Line Dancer ware mat engem gudde Kuchebuffet um Chrëschtmaart um Scheedgen derbäi.



D'Crazy Boots haten de 4. Dezember de Kleeschen ob Besuch.



D'Line Dancer haten hiren Neijoerschpatt am Hotel Bon Repos wou si an enger léiwer Ambiance mat engem gudde Menü verwinnt gi sinn.

*Text a Fotoen: Malou Poos-Steichen*

# natur&ëmwelt Sektioun Mëllerdall

natur&ëmwelt Sektioun Mëllerdall konnt um Chrëschtmaart um Scheedgen hiren traditionellen Äppel Jack a Viz aus hire Bongerte verkafen.

*Text a Foto: Malou Poos-Steichen*



# Fan Club Roude Leiw

25 Jahre

Rudy Giovannini



Grand-Prix Sieger




Grand-Prix Sieger

## *Kommen und feiern Sie mit*
## Rudy Giovannini, „Die Ladiner" und Tiroler Herz
### am 12. und 13. April 2025 im Kuerzwénkel/Consdorf

**Samstag 12. April 2025**
**Rudy Giovannini** und **„Die Ladiner"** im Vorprogramm.
Beginn: 15:30 Uhr | Einlass ab 14:30 Uhr | Eintrittskarte: 50,00 Euro




**Sonntag 13. April 2025**
**Rudy Giovannini** und **„Tiroler Herz"** im Vorprogramm.
Beginn: 15:30 Uhr | Einlass ab 14:30 Uhr
Eintrittskarte: 50,00 Euro

**JUBILÄUMS ANGEBOT!**
**2-Tages - Ticket**
**Samstag und Sonntag**
(12. und 13. April 2025)
Eintrittspreis / Person: 90,00 Euro

Organisateur Fan Club Roude Léiw

**An beiden Tagen gilt:**
Die Tickets werden nach Einzahlung bestmöglich eingeteilt und liegen für Sie in der Tageskasse bereit.

# Liichte goen um Scheedgen



*Foto : Claudine Urbing-Huss*

# Liichtmëssdag zu Breidweiler

D'Kanner vu Breidweiler hunn den 2. Februar op Liichtmëssdag niewt engem ganzen Koup Séissegkeeten och 280 € gesammelt. D'Suen hunn d'Kanner der Fondation „Wonschstär" gespend.

Sou wéi all Joer üblech, këmmeren d'Elteren vun den Kanner aus dem 6. Schouljoer ëm d'Organisatioun a suergen dofir, datt d'Kanner nom Liichtegoen eng kleng Stärkung kréien.

Gedeelt gouf am méi klenge Grupp an enger privater Garage um Jemenerhaff.

wonschstaer.lu

*Text a Fotoen: Carmen Biver-Wagener*



















# Village fleuri

D'Kulturkommissioun encouragéiert all Bierger aus der Gemeng hire Gaart a Virgäertchen, hir Haiser, Balconen a Fënstere mat **Blummen a Sträicher** esou vill an sou schéi wéi méiglech ze **dekoréieren**. Eng Blummewiss, amplaz vun engem kuerz geméite Wues ass eng wonnerbar Alternativ. Domat soll net nëmmen e sënnvollen an ekologesch **wäertvolle Beitrag fir d'Natur, d'Beien an aner Insekte** geleescht ginn, mee et soll och e **schéint Bild** ëntstoe fir jiddereen deen duerch eis Gemeng spadzéiert: d'Bierger aus der Gemeng, Leit déi op Besuch kommen, Wanderer an Touristen. Merci fir Är Matthëllef.

La commission culturelle vous invite chaleureusement à **décorer vos jardins et maisons** avec des **fleurs et arbustes** précieux pour les abeilles et autres insectes et pour ainsi **embellir** l'image du village pour les habitants, les visiteurs et les touristes. Merci pour votre coopération.



## D'Kulturkommissioun vun der Gemeng Konsdref deelt mat:

Gemeng Konsdref

# Save the Dates

21.09.2025
**Duerffest**
an der Gemengestrooss

29. & 30.11.2025
**Chrëschtmaart**
um Scheedgen
bei der Kierch

20.-22.03.2026
**Konscht'dref**
um Kuerzwénkel



# ANF – Kompensatiounsprojet am Marscherwald

Den 30. Januar huet d'Natur- a Bëschverwaltung dem Schäfferot de Kompensatiounsprojet am Marscherwald virgestallt.

Vun dëse Kompensatiounsprojete, déi zum Zill hunn zerstéiert Natur erëm hierzestellen, ginn et am Moment 19 Stéck am ganze Land. An eiser Gemeng besteet de Projet aus verschidde Mesuren, déi méi Biodiversitéit – also méi verschidden Déier- a Planzenaarten – op de Site zeréckbrénge sollen. Konkret goufen op den 8 Hektar Wisen- an Ackerfläch ronn 90 Uebstbeem an eng Heck vun 200 Meter geplanzt. D'Planze vum Bongert a vun der Heck kommen all aus Lëtzebuerg a sinn dofir besonnesch gutt un de Standuert ugepasst. Duerch de Choix vu lëtzebuergeschen Uebstzorte, wéi de „Luxemburger Triumph" oder den „Eifeler Rambour", ginn al Kulturgidder weider gefërdert. Wann d'Beem emol Friichten droen, kënnen si och vu Leit aus der Gemeng genotzt ginn.

D'Naturverwaltung huet bäi der Visitt betount dat bäi all Kompensatiounsprojet versicht gëtt enk mam Piechter vun de Flächen zesummen ze schaffen. D'zeréckbehale Mesure fir den Acker sinn dowéinst eng Extensivéierung a ronderëm d'Aséine vu Blühsträife mat bonte Blummen. Dës Mesure zitt dann och Béien a Päiperleken un, déi als Fudder fir Vullen a Fliedermais déngen.

Wann de Projet bis ganz ëmgesat ass, erklärt e Panneau méi iwwer d'Mesure an iwwer de System vun der Kompensatioun ze Lëtzebuerg.

*Text: Administration de la nature et des forêts*





# ŒUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF a.s.b.l ënnerstëtzt

# SCHOULSAK-AKTIOUN

## vum 01.–20.07.2025

vun **KANNER- A FAMILLJENHËLEF a.s.b.l.**
RCS: F10515 • Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm • Tel. : 661 309 320 • CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000

Aarm Kanner a Rumänien an an der Ukrain brauche fir de Schoulufank **1 Schoul- oder Rucksak** mat **Schoulmaterial**:

- 2 Hefter
- Schachtel mat 4 Bläistëfter
- 2 Bicken
- Spëtzer
- Radéiergummi
- nei Stëfter an Holzfaarwen
- Molbuch
- Notizblock
- Lineal (30 cm)
- Bastelschéier
- Mutz
- Schal
- Händschen
- waarm Strëmp
- Zännbiischt an Zännseef
- Tut Kamellen
- Kuscheldéier
- kleng Spillsaach

Dir kënnt all Aarte vu Schoulmaterial op de Sammelplazen ofginn oder en Don maache fir e Schoulsak mat Schoulmaterial ze fëllen (50 €). All Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken oder Schoulmaterial ze kafen ass wëllkomm.

Kanner- a Familljenhëllef a.s.b.l.:
CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000
Vermierk: Schoulsakaktioun 2025

Gesammelt ginn ausserdiem a guddem a propperem Zoustand:

- Kannerspillsaachen
- Kannervëloen
- Kannerkleeder
- waarm Decken
- Babybetter mat Matrass a Gedecks
- Kannerbuggyen
- komplett Kannerkutschen

Mir soen Iech am Viraus e ganz häerzleche Merci.

**Sammelplazen:**
Famill ORIGER • 56, op der Hicht • L-6212 Konsdref • Tel.: 691 79 08 09
Parbüro • 12, Porte St Willibrord • L-6486 Iechternach • Tel.: 72 01 49



# Remise des Diplômes



De 15. November war d'Remise des Diplômes vun der Regionaler Museksschoul Iechternach am Trifolion a Präsenz vum Commissaire du Gouvernement à l'Enseignement musical, dem Här Gilles Lacour.

Dëst Joer kruten 270 Schüler am ganzen 317 Diplomer virun engem volle Sall am Trifolion iwwerreecht an dat och ëmmer jeeweils zesumme mat de politesche Vertrieder vun de verschiddenen konventionéierte Gemengen.

Den Optakt vum Owend huet den Ensembel Big Brass Projekt ënnert der Leedung vum Här Jhang Kohnen gemat. Dësen Ensembel ass zesummegesat aus anciens an aktuelle Schüler vun der Musekschoul. Weider goung et du mat der Begréissung vun der Madamm Députée-Maire Carole Hartmann, déi alle Schüler fir hier aussergewéinlech Leeschtunge gratuléiert huet an och allen Enseignanten an der Administratioun häerzlech Merci gesot huet fir hiren onermiddlechen Asaz dat ganzt Joer. Si huet de regionale Charakter vun der Musekschoul ënnerstrach: Couren déi op de verschiddenen Siten an der Regioun stattfannen, Concerten an Auditiounen an de Gemengen, Ensemblen déi mat Schüler aus de verschiddenen Gemengen zesummegesat sinn. Si huet alle Gemengen e grousse Merci ausgesprach fir déi gutt Zesummenaarbecht an Ënnerstëtzung. Den Owend ass weidergaangen mat Prestatiounen vun Laureaten aus der Gesangsklass, enger jonker Mandolinistin, Kammermusekformatiounen speziell fir dësen Owend zesummegesat aus Laureaten vum Bléiser-, Streicher -, an dem Pianosdepartement, a Beiträg vu Jazz- a Rock/Pop Comboen. Och dëst Joer ass eng extrem divers Bandbreet mat engem héije Niveau vun de Schüler aus der Musekschoul presentéiert ginn.

Op d'Fäegkeet vun der Musek, Gefiller an Emotiounen ervirzeruffen ass d'Directrice Nadine Eder an hirer Allocatioun agaangen. Och déi vill Natiounen déi hei zesummeliewen prägen d'Bild vun der Musekschoul an et ass eng zentral Aufgab, dëser Diversitéit vu Natiounen, Schüler an Enseignanten an engem gudde Klima gerecht ze ginn. D'Directrice huet der Gemeng Iechternach, alle konventionéierte Gemengen an dem Ministère de l'Education ee grousse Merci ausgeschwat fir hier Ënnerstëtzung.

D'Élèves méritants goufen dëst Joer mat engem spezielle Kaddo, dem Legoset zu der Sprangpressessioun vun der Harmonie Municipale Iechternach, belount. Ier et dann zur eigentlecher Remise vun den Diplomer iwwergaangen ass, huet den Här Gilles Lacour d'Enseignanten an d'Schüler fir hiren Engagement an hier Leeschtunge gelueft an huet och den Elteren hier Ënnerstëtzung an Evidenz gesat an hinnen ee grousse Merci ausgeschwat. Hien huet der Gemeng Iechternach an alle konventionéierte Gemengen seng Dankbarkeet fir hier finanziell Participatioun ausgeschwat, fir dass d'Kanner, déi Jugendlech an och déi erwuesse Schüler weiderhi vun enger exemplaresch musikalescher Ausbildung an de Gemenge kenne profitéieren.

*Text a Foto: Ecole de musique de la Ville d'Echternach*

# Senioren Gemeng Konsdref

D'Senioren aus der Gemeng Konsdref haten erëm e grousse Succès ob hirem traditionelle Kéisowend.

*Text a Fotoen: Malou Poos-Steichen*







# Neies vum USBC01

**Chrëschtfeier**

De 14. Dezember huet den USBC01 seng Seniors Spiller an all seng Jugendspiller an hir Elteren op ee gemeinsamen Owend invitéiert zu Berdorf a Schmadds. Et gouf Spaghetti ze iessen an déi ronn 110 Leit ware ganz houfreg e flotten Owend ze hunn. Fir ons Kanner goufen et och nach eng Titchen an ee Besuch vun enger gewësser Persoun, déi jidereen kennt.





# E klengen Abléck an d'Aktivitéiten vun der Zitha Consdorf





**Chrëschtmaart** mit Sitztanz unserer Bewohner und Auftritten von Uesweller Musek & Kanner- & Jugendchouer Consdorf.



**Kleeschen**





**Advenstfënsteren** - Partizipation an der Aktion im Dorf.



**Apéro Concert Karin Melchert**



**Optrëtt Konsdreffer Musék**



**Chrëschtconcert**



**Neijoerspatt**

*Text a Fotoen: Zitha Consdorf*

# D'HEINZELMÄNNERCHER

## Äre service de proximité



## *Offre spéciale de printemps / Frühlingsangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Travaux de jardinage**

Préparation et plantation du potager, entretien de la pelouse, débroussaillage, taille des haies, etc.

**Nettoyage de printemps**

Entretien intérieur et extérieur de votre maison, réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.


### *Wir bieten an:*

**Gartenarbeiten**

Vorbereitung des Bodens, Anpflanzen von Gemüse, Rasenpflege, Unkrautjäten, Heckenschneiden usw.

**Frühjahrsputz**

Instandhaltung Ihres Hauses von innen und außen, Hochdruckreinigung, Reparaturen, Malerarbeiten usw.



**Tarif TTC | inkl. MwSt: 20 €** par heure et salarié, pro Stunde & Mitarbeiter
**9 €** par heure et machine, pro Stunde & Maschine

# TÉL.: 28 80 80


CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**
Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

# Soirée des Commissions consultatives zu Konsdref



**E gemittlechen Owend voller Austausch a Wäertschätzung**

Den Dënschdeg, den 19. November 2024, huet de Konsdrefer Schäffen- a Gemengerot fir d'zweete Kéier op seng „Soirée des Commissions consultatives" invitéiert. Am gemittlechen Ambiente vum Restaurant Le Bon Repos um Scheedgen war dësen Owend eng flott Geleeënheet, fir de Memberen aus de berodende Kommissiounen, dem Klimateam an dem Naturteam Merci ze soen an iwwer hir zukünfteg Aufgaben ze diskutéieren.

Ronn 60 Gäscht hate sech an dësem Kader fir de gemittleche Walking Dinner mat engem villsäitege Buffet ugemellt. D'Stëmmung war exzellent an och d'Servicepersonal huet mat sengem Engagement e grousse Bäitrag zu engem gelongenen Owend geleescht.

**Unerkennung a Perspektiven**

De Buergermeeschter Marco Bermes huet d'Gäscht mat enger häerzlecher Ried begréisst, an där hien op d'Wichtegkeet vun de berodende Kommissioune fir déi lokal Gemeinschaft agaangen ass. Mat Humor a Wäertschätzung huet hien iwwer d'Erausfuerderungen an d'Fortschrëtter vun de leschte Méint geschwat. Hien huet besonnesch den Asaz vun den Administratiouns-Mataarbechter ervirgehuewen, déi trotz personellen Ëmstellungen an intensiven Aarbechtsphasen ëmmer engagéiert bliwwe sinn. „Eis Administratioun ass vertrueden, an et ass immens wichteg, datt mir zesummen eis Missiounen an de Fonctionnement vun eise Kommissioune virubréngen," huet de Buergermeeschter betount, wärend hien och den neie Gemengesekretär Daniel Erpelding virgestallt a wëllkomm geheescht huet.

D'Wichtegkeet vun der gemeinsamer Aarbecht fir d'Gemeng gouf ëmmer nees an de Vierdergrond gestallt. Nei Membere goufen häerzlech opgeholl, an et gouf betount, datt weider Verstäerkung natierlech ëmmer wëllkomm ass. „Mir sinn um gudde Wee, an ech si sécher, datt mer an e puer Méint eis Ziler nach méi effektiv erreechen," huet de Buergermeeschter mat Optimismus ënnerstrach.

**Gemengegefill a Weiderentwécklung**

Nieft den offiziellen Deeler huet d'Soirée och vill Plaz fir informell Gespréicher a perséinlechen Austausch gebueden. Et gouf diskutéiert, gelaacht a gemeinsam iwwerluecht, wéi d'Aarbecht an de Kommissioune weider gestäerkt ka ginn – et war eng symbolesch Initiativ am Zeeche vum Zesummenhalt a vun der Wäertschätzung. En Owend, dee beweist, datt d'Zukunft vu Konsdref op staarke Schëllere steet.

E grousse Merci un all déi, déi dësen Owend méiglech gemaach hunn. Op en erfollegräicht Joer 2025 – mat vill Engagement, Teamgeescht an neien Iddien!

*Text a Fotoen: Carole Theisen*

















Fondation EME

**Méi Informatioune zum Projet/Plus d'informations sur le projet :**
www.fondation-eme.lu | contact@fondation-eme.lu | T. 26 02 27 435

# Chouer All Together

## Regioun Mëllerdall





Erlieft eng onvergiesslech, musikalesch Rees mam Robert Bodja a sengem Gesang. Taucht zesumme mat eis an dës Welt an erwächt des Stécker mat Hëllef vun ärer Stëmm zum Liewen. Ee Projet, deen zum Matsangen, Matfillen a Materliewen opreifft an deen d'Inclusioun duerch s'Musek nach méi fërdert.
Kommt a sangt mat!

Vivez un voyage musical inoubliable avec Robert Bodja et ses chants. Plongez avec nous dans cet univers et donnez vie à ces chants à l'aide de votre voix. Un projet qui appelle à chanter, à ressentir et à vivre avec vous et qui promouvoit encore plus l'inclusion par la musique.
Venez et chantez avec nous!

## Kalenner/Calendrier

| Datum/Date | Dag/Jour | Auerzäit/Heure | Wou?/Où ? |
|---|---|---|---|
| 06.03.2025 | Donneschdes/jeudi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 20.03.2025 | Donneschdes/jeudi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 03.04.2025 | Donneschdes/jeudi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 10.04.2025 | Donneschdes/jeudi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 19.04.2025 | Samschdes/samedi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 10.05.2025 | Samschdes/samedi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 29.05.2025 | Donneschdes/jeudi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 07.06.2025 | Samschdes/samedi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| 14.06.2025 | Samschdes/samedi | 16h30 - 17h30 | Consdorf |
| **18.06.2025** | **Mëttwochs/mercredi** | **à déterminer** | **Répétition générale Echternach** |
| **19.06.2025** | **Donneschdes/jeudi** | **18h30** | **Concert Echternach Trifolion** |

**Umeldungen per Email oder Telefon:**
**Inscription par mail ou téléphone :**

contact@fondation-eme.lu
T. 26 02 27 465

**Prouwen/Répétition** : Zitha Consdorf:
4-5 rue Burgkapp L-6211 Consdorf

**Concert :** Trifolion : 2 Porte St. Willibrord à Echternach

LEADER LËTZEBUERG | Cofinancé par l'Union européenne | Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | zitha | Echternach Trifolion

# Neijoerschpatt am Centre Culturel Kuerzwénkel

De 17. Januar 2025 huet am Centre Culturel Kuerzwénkel den traditionellen Neijoerschpatt stattfonnt, e Rendez-vous, deen elo schonn e feste Bestanddeel vum kulturelle Kalenner vun der Gemeng Konsdref ass. Et war e besonneschen Owend, wou d'Leit aus der Gemeng sech zesummefonnt hunn, fir op dat vergaangent Joer zeréckzekucken a gläichzäiteg ee Bléck an d'Zukunft ze geheien.

**Eng häerzlech Atmosphär**

D'Atmosphär war gemittlech an entspaant, mat liewege Gespréicher an enger fréndlecher Ambiance. De Fussballveräin vun der Gemeng, d'Union Sportive Berdorf-Consdorf, huet sech ëm d'Gastronomie gekëmmert an d'Gäscht mat gudde Sandwichen, Gedrénks a leckere Klengegkeete versuergt.

De Buergermeeschter Marco Bermes huet d'Geleegenheet genotzt, fir e Réckbléck op dat vergaangent Joer ze maachen an déi nei Projete fir 2025 virzestellen. A senger sympathescher an opgeschlossener Aart huet hien dobäi den Zesummenhalt an d'Engagement vun der Gemeng ervirgehuewen.

Dat lescht Joer war markéiert duerch substantiell Entwécklungen a Projete bannent der Gemeng. Den Här Bermes huet virun allem ënnerstrach, wéi d'Administratioun vun der Gemeng duerch personell Verännerungen an nei Strukture gestäerkt gouf.
























Hie war ausserdeem stolz op eng ganz Rei Projeten, déi 2024 ëmgesat konnte ginn, dorënner d'Renovatioun vun der Präiteler Bréck, d'Spillplaz um Camping Buergkapp oder och eng ganz Rei energiespuerend Investitioune wéi zum Beispill d'LED-Luuchten um Fussballterrain.

De Buergermeeschter huet betount, wéi wichteg eng virsiichteg Finanzpolitik fir d'Zukunft vun der Gemeng ass. Trotzdeem sti fir 2025 vill wichteg Projeten um Programm wéi ënner anerem den Amenagement vun der Duerfplaz zu Konsdref, verkéiersberouegend Moossnamen an der Iechternacher Strooss, de Bau vun enger neier Drénkwaasserleitung, Reamenagementer um Kierfecht um Scheedgen an esou weider.

Ausserdeem huet hien erkläert, wéi wichteg et ass, d'Kooperatioun mat Nopeschgemenge wéi Berdorf, Waldbëlleg a Jonglënster weider auszebauen, fir gemeinsam Erausfuerderungen unzegoen.

### Zesummenhalt an Engagement

Donieft huet den Här Bermes och d'Bierger, d'Kommissiounen an d'Veräiner ervirgehuewen, déi duerch hir Aarbecht e grousse Bäitrag fir d'Liewensqualitéit an der Gemeng leeschten. Hien huet betount, wéi wichteg de kollektiven Effort vun de Biergerinnen a Bierger ass, besonnesch wat den Ëmgang mat Offall ugeet.

Och d'Sportler an d'élèves méritants aus der Gemeng goufen geéiert a kruten e Zertifikat an eng kleng finanziell Ënnerstëtzung.

Am Respekt vun der Diversitéit vun der Gemeng huet de Buergermeeschter och kuerz Rieden op Franséisch a Portugisesch gehalen. Domat huet hien déi multikulturell Realitéit vun der Gemeng unerkannt a gewisen, wéi wichteg et ass, all Bierger, egal vu wou se kommen, an d'Entwécklung vun der Gemeinschaft mat anzebezéien.

Zum Schluss huet den Här Bermes d'Gäscht opgeruff, weider mat positive Gedanken an Engagement un der Zukunft vun der Gemeng ze schaffen: „Et ass en Opbroch an eiser Gemeng ze spieren. Loosst eis weider zesummenhalen a staark bleiwen!" Mat dësem inspiréierende Start an d'Joer 2025 bleift d'Gemeinschaft motivéiert, un enger positiver Entwécklung ze schaffen an zesummen nei Héichten ze erreechen.

An dësem Sënn wënscht de Schäfferot an dat ganzt d'Team vun der Gemeng Konsdref jidderengem ee schéint, gesond an erfollegräicht neit Joer.

*Text a Fotoen: Carole Theisen*

# Informatiounsversammlung zum Thema Energie Communitéiten um Kuerzwénkel

Dënsdes, den 11. Februar 2025 huet d'Gemeng an Zesummenaarbecht mam Klimateam eng Informatiounsversammlung zum Thema Energie Gemeinschaften ofgehalen, déi gutt besicht war.

Vill interesséiert Bierger*innen sinn der Invitatioun nokomm, fir sech iwwer d'Chancen a Méiglechkeeten vun enger gemeinschaftlecher Energieversuergung z'informéieren.

Den Här Buergermeeschter Marco Bermes huet d'Bierger*innen begréisst an d'Bedeitung vun enger nohalteger Energieversuergung fir t'Zukunft vun der Gemeng ervirgehuewen.

Am Kader vun déser Versammlung sinn d'Grondlage vun enger Energie Gemeinschaft erläutert ginn: Wéi kann een sech als Bierger zesumme schléisse fir gemeinsam Stroum ze produzéieren an och ze notzen? Wei vill Aspuerunge kann een op der Stroumrechnung op laang Siicht erreechen? A wéi eng Schrëtt sinn dofir noutwendeg fir eng Energie Gemeinschaft ze grënnen?

Et huet sech als een äusserst interessant Thema fir d'Bierger eraus kristalliséiert an et si vill Froe gestallt ginn iwwer déi organisatoresch an technesch Aspekter. Besonnesch ass dass an eiser Gemeng en héicht Potential besteet duerch Photovoltaikanlagen op den Diecher.

Zum Ofschloss vun der Versammlung ass nach eemol betount ginn, dass eng Energie Gemeinschaft net nëmme reng finanziell Virdeeler mat sech bréngt, mee och dass ee wichtege Beitrag zum Klimaschutz geleescht gëtt an di regional Wäertschöpfung gestäerkt gëtt.

Wee sech weider iwwer dat Thema informéiere wëll, oder aktiv un enger Grënnung vun esou enger Energie Gemeinschaft matwierke wëll, kann sech ënnert dësem QR-Code de Formulaire eroflueden, ausfëllen an un den Energiepark Réiden schécken.

Fir all déi Interesséiert déi net un der Versammlung konnten deelhuelen, ass d'Präsentatioun vum Energiepark op eisem Site ze fannen, einfach dëse QR-Code scannen:





Gemeng
Konsdref




# Wie wäre es, wenn Sie Ihre Stromkosten durch ein paar einfache Verhaltensweisen senken würden?

Anfang 2025 ist eine neue Stromtarifstruktur in Kraft getreten, die zum Ziel hat, zur Entwicklung eines modernen und sicheren Stromnetzes beizutragen, das an die Digitalisierung und die Energiewende angepasst ist. Dadurch soll erreicht werden, dass weniger zeitgleiche leistungsintensive Nutzungen stattfinden, um damit den Bedarf an Netzverstärkung zu verringern und die Kosten für den Ausbau des Netzes zu senken.

**Was bedeuten diese Änderungen konkret für die Verbraucher?**

Der Netztarif orientiert sich seit Anfang des Jahres auch an der genutzten Leistung (neben der verbrauchten Energiemenge), das heißt:

- Ein höherer Leistungsbedarf kann zu höheren Netzgebühren führen.
- Einfache Maßnahmen können helfen, diese Erhöhungen zu vermeiden, z. B. indem die benötigte Leistung zeitlich gestaffelt wird.
- Strom wird abends nicht teurer! Die Kosten für die Netznutzung sind den ganzen Tag über gleich. Entscheidend ist die gesamte Leistung, die gleichzeitig von jedem Einzelnen aus dem Netz entnommen wird.

**Welche Maßnahmen können Sie ergreifen, um Ihre Kosten niedrig zu halten?**

Generell können alle Nutzer zu einer effizienteren Nutzung des Netzes beitragen, indem sie ihren Verbrauch flexibel gestalten. Dies wird durch eine Vermeidung von gleichzeitiger und intensiver Nutzung mehrerer Haushaltsgeräte erreicht. Bei Standard-Haushaltsgeräten führt das aber nur selten zu einer Überschreitung des Referenzwertes von 3 kW. Dagegen sind folgende Maßnahmen wirksamer:

- **Die Leistung der Ladestation reduzieren, um Spitzen zu vermeiden.**

  Verbraucher mit Geräten, die eine höhere Leistung benötigen, können ihre Nutzung zeitlich strecken. Zum Beispiel, indem das Elektroauto mit reduzierter Leistung geladen wird (5,5 kW statt 11 kW).

  Nutzen Sie unsere Vergleichsplattform unter **bornes.klima-agence.lu/de**, um Ladestationen mit der Funktion „Reduzierung der Leistung durch den Nutzer“ zu finden.

- **Eigenverbrauch von Solarstrom zur Reduzierung von Leistungsspitzen.**

  Durch den Eigenverbrauch von Solarstrom können Geräte mit hoher Leistung selbst versorgt werden: Die vom Netz genutzte Leistung kann damit erheblich reduziert und Netzgebühren können vermieden werden. Das ergibt allerdings nur Sinn, wenn Ihr Einspeisetarif nicht höher als der Strompreis ist.

- **Strom teilen: eine gemeinschaftliche Lösung.**

  Das Teilen von Photovoltaikstrom mit den Nachbarn ist eine effektive Lösung zur Senkung der Energiekosten. Indem Sie eine Gruppe zum Teilen von Strom bilden, vermeiden Sie in der Regel Netzgebühren und optimieren gleichzeitig den kollektiven Eigenverbrauch.

Mehr Informationen unter:
**klima-agence.lu/de/Stromtarif**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige und kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 8002 11 90

Gemeng Konsdref




# Et si vous receviez une aide étatique Klimabonus pour passer à l'électrique ?

La promotion de l'électromobilité demeure un élément clé des efforts de décarbonation du secteur des transports. Le gouvernement luxembourgeois poursuit ses efforts en matière de mobilité durable au travers de son programme d'aides **Klimabonus**.

### Roulez vers un avenir durable avec les aides à la mobilité Klimabonus

Depuis le 1er octobre 2024, la prime pour l'achat d'une voiture entièrement électrique (jusqu'à 16 kWh/100 km), d'une voiture familiale électrique (7 places minimum) ou d'une camionnette à zéro émission (hydrogène ou électrique) s'élève à 6.000 €. Pour une voiture électrique dont la consommation est comprise entre 16,1 kWh/100 km et 20 kWh/100 km, l'aide est de 3.000 €, à condition que la puissance d'une voiture consommant plus de 18 kWh/ 100 km ne dépasse pas 150 kW.

Les conducteurs de véhicules légers, comme les quadricycles, les motos et les cyclomoteurs, peuvent également bénéficier d'une aide pouvant atteindre 1.000 € pour l'achat d'un modèle électrique.

Une nouvelle subvention de 1.500 € existe pour les véhicules électriques d'occasion âgés d'au moins trois ans ; ceux-ci devront être conservés au moins deux ans.

Retrouvez les montants et les conditions d'éligibilité des aides Klimabonus sur notre simulateur Klima-Agence : **aides.klima-agence.lu**.

### Chargez votre véhicule en tout confort et de manière durable à domicile

En complément, le gouvernement soutient l'installation de bornes de charge privées. Vous pouvez bénéficier d'une aide jusqu'à 1.200 € pour une borne de charge intelligente dans une maison unifamiliale (1-3 emplacements) et jusqu'à 1.650 € pour une installation en copropriété (≥ 4 emplacements). L'installation doit toutefois être achevée avant la fin de l'année 2024. Si vous disposez d'une installation photovoltaïque, vous pouvez également utiliser l'électricité produite directement pour charger votre véhicule.

Pour plus d'informations sur les bornes de charge, consultez notre comparateur de bornes sur **bornes.klima-agence.lu**.

Envisagez-vous l'achat d'une nouvelle voiture électrique ? Klima-Agence vous accompagne dans vos réflexions avant l'acquisition de votre futur véhicule en vous offrant un conseil de base indépendant et gratuit pour votre mobilité durable. Prenez rendez-vous pour un conseil (par téléphone ou à domicile) en vous rendant sur klima-agence.lu ou en appelant le T. 8002 11 90.

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90

**SIGRE**

**Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach**

# SERVICES

À PARTIR DU
01.01.2025

## Déchets acceptés pour l'élimination

| | |
|---|---|
| Déchets ménagers | 200 € / t |
| Déchets encombrants | 200 € / t |
| Déchets assimilés | 200 € / t |
